PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro N°6267 hunn ech de Minister gefrot, ob de Minister der Meenung wier, dass dee vun 100,7 beschriwwene Fall, wou e Mataarbechter vun *RSS-Hydro* no ëffentlecher Kritik u Regierungshandlunge gekënnegt kritt huet, misst mat Bléck op den Deontologieskodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeüübt hunn, och Regierungsmembere waren. De Minister huet geäntwert, dass kee Regierungsmember Drock ausgeüübt hätt. D'Fro, ob d'Ausübe vun Drock e Fall fir den Deontologieskodex wier a wéi eng Konsequenzen et hätt, sollt sech awer erausstellen, dass Drock säitens der Regierung ausgeüübt gi wier, ass esou net beäntwert ginn.
Weider ass net kloer, ob héich Beamten, déi nom Arrêté royal-grand-ducal vum 9te Juli 1857 iwwert d'Organisatioun vun der groussherzoglecher Regierung der Regierung rattachéiert ginn, hei eventuell involvéiert waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass dee vun 100,7 beschriwwene Fall misst mat Bléck op den Deontologieskodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeüübt hunn, och Regierungsmemberen oder héich Beamten waren?
   Deckt den Deontologieskodex esou Situatiounen of?

2. Mat wéi enge Konsequenze misst an deem Fall gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député